



# Eng kleng Hëllef fir Lëtzebuergesch ze schreiwen



Numéro spécial du Courrier de l'Éducation Nationale  
Janvier 2001

Ministère de l'Éducation Nationale,  
de la Formation Professionnelle et des Sports

AUTEUREN:

*Josy BRAUN*

*Jérôme LULLING*

*Othon NEUENS*

*Pierre REDING*

*François SCHANEN*

*Georges WIRTGEN*

Duerch d'groussherzoglecht Reglement vum 30. Juli 1999 ass déi offiziell Lëtzebuenger Schreifweis reforméiert ginn. D'Ännerunge sinn am Memorial A- N° 112 vum 11. August 1999 verëffentlecht ginn.

Si goufe vum permanente Rot fir d'lëtzebuenger Sprooch ausgeschafft. D'Zil ass, fir kloer a präzis Regeln opzestellen an esou eis Sprooch als Träger vun eiser Literatur a Kultur an als Instrument vu mëndlecher a schrëftlecher Kommunikatioun weiderzëntwéckelen.



Dës kleng Broschür soll un éischer Plaz dem Léierpersonal an de Leit, déi op Lëtzebuergesch schreiwe wëllen, en Iwwerbléck iwwert déi nei Schreifweis ginn, si un d'Haaptregele gewinnen an hinnen d'Schei oder d'Angscht virun der lëtzebuenger Schreifweis huelen.

Wann Dir Iech déi 14 Prinzipien aus dësem Heftche mierkt, da kënnt Dir zimlech séier korrekt Lëtzebuergesch schreiwen.

Déijéineg, déi sech doriwwer eraus nach méi am Detail wëlle mat eiser Schreifweis ofginn, mussen allerdéngs op déi integral Regeln am Memorial zréckgräifen.

Um Enn vun dëser Broschür fannt Dir als Beispill vun der neier Schreifweis den Text vun onser Nationalhymn «*Ons Heemecht*».

Zu gudder Lescht wëll ech den Auteure villmools Merci soen, well et hinne gelongen ass, déi nei lëtzebuenger Schreifweis esou liicht an einfach duerzestellen. E grouse Merci och un de Gilbert TRAUSCH fir den Historique iwwert «*Ons Heemecht*».

Anne BRASSEUR  
Minister fir Erzéiung,  
Beruffsausbildung a Sport

**ENG KLENG HËLLEF FIR LËTZEBUGESCH ZE SCHREIWEN**

- **D'Vokaler i, u, o, a** *S.3*
- **De Vokal e** *S.4*
- **D'Diphthongen an d' Rëtschlauter** *S.5*
- **D'Konsonanten** *S.6*
- **D'Verben** *S.9*
- **Friem Wieder** *S.10*

**ONS HEEMECHT**

- **Kommentar vum Gilbert TRAUSCH** *S.11*
- **Text vum Michel LENTZ** *S.12*

## D'VOKALER i, u, o, a

- Wann d'Vokaler **i, u, o, a** virun engem eenzege Konsonant laang ausgeschwat ginn, da gi se nëmmen eng Kéier geschriwwen.

*Biz, schif, siwen*  
*Bud, tuten, Uz*  
*Drot, molen, Oder*  
*al, Apel, Bal, hat, Kap*

- Wann d'Vokaler **i, u, o, a** viru méi Konsonante laang ausgeschwat ginn, da gi se duebel geschriwwen.

*driïbsen, Kiïscht, riïcht*  
*Duuscht, Fuuss, luussen*  
*moolt, Sprooch, Strooss*  
*Aarbecht, Gaass, kaalt*

- Wann d'Vokaler **i, u, o, a** kuerz ausgeschwat ginn, da kommen hannendrun zwee oder méi Konsonanten.

*ginn, sinn, Spill, vill*  
*hunn, Hutt, Kuss*  
*flott, Schong, Sproch*  
*all, Ball, hatt, Kapp*

A u s n a m e n

d'Personalpronomen:

*him*

d'Partikelwierder:

*an, am, bis, dran, drop, drun,*  
*eran, hin, mam, mat, ob, op,*  
*um, un, vum, vun, zum*

d'Virsilben:

*an-, on-, op-*

friem Wierder:

*Bus, Job*

■ Den **e** huet véier verschidde Schreifweisen, jeenodeem wéi en ausgeschwat gëtt.

**e**      *Apel, elo, esou, goen, Joer, owes*  
*Blech, Decken, Fleck, Geld, kleng, meckeren, mengen*

**é**      *brécht, mécht, sécher, Stréch*  
*Bécks, Bréck, déck, flécken, Méck*  
*bréngen, gréng, Spéngel, zéng*  
*drénken, flénk, Zénk*  
*Béxelchen, féx*

A u s n a m e n

Den Accent fält ewech

• wann d'Silb onbetount ass:

*Aarbecht, Kinnek, Kinneken, Musek, Museker*

• a bei dëse Pronomen:

*ech, mech, dech, sech, meng, deng, seng*

**ë**      *Bësch, Dëppen, dës, ënner, fënnef, Fësch*  
*Këscht, Mëscht, wëllen, Wëllen*  
*ëffentlech, gëttlech, nërdlech*  
 d'Virsilb ëm-: *ëmdréien, Ëmschlag*

A u s n a m e n

Den Trema fält ewech

• wann d'Silb onbetount ass: *Bungeref, berappen, President*

Den Trema fält ewech an et kënnt nawell nëmmen ee Konsonant

• bei den Artikelen: *dem, den, der*

• bei de Pronome vun der 3. Persoun: *e, em, en, es, et*

• bei der Negatioun: *net*

**ee**      *deen, een, keen*  
*Feeler, Feescht, Flesch, Reen, Streech*

A u s n a m e n      s i      f r i e m      W i e r d e r      w é i :

*Alphabet, Demokratie, eben, egal, Gen, Meter*

*Segel, Segen, Serie, trotzdem, weder*

## D'DIPHTHONGEN AN D'RÛSCHLAUTER

- Am Lëtzebuergesche gëtt et typesch Diphthongen a Rëtschlauter, déi et esou am Däitschen oder am Franséischen net gëtt.

### Diphthongen

<b>éi</b>	<i>béis, Fréiseng, méi, réiert, séier, Stéier, wéi</i>
<b>ou</b>	<i>Brout, Kou, rout, wou, zou</i>
<b>oi</b>	<i>Moien, moies</i>
<b>äi</b>	<i>Äis, gräifen, näischt, Paräis, Räis, Säit, Wäin, wäiss</i>
<b>au</b>	<i>Bauch, Kraut, lauschteren, Maul</i>

### Rëtschlauter

<b>ie</b>	<i>bieden, Ierpeldeng, Kiermes, wierklech, Bier</i> (Bär, Beere) awer: <i>Bir</i> (Birne), <i>Stir, mir, dir</i>
<b>ue</b>	<i>Buer</i> (Bohrer), <i>fueren, kuerz, Tuerm, Wuermeldeng, Wuert</i> awer: <i>Spur, Sprangbur, stur</i>
<b>äe</b>	<i>äerdeg, fäerten, Näerzeng, Päerd</i> awer: <i>Här, Märel, Stär, Zär</i>

- Beim Schreiw vun **ei** oder **ai** muss een oppassen, wou d'Wuert hierkënt.

<b>ei</b>	<i>bei, eis, Eisen, Weier, weisen</i> <i>deier</i> (teuer), <i>Eil</i> (Eule), <i>Feier</i> (Feuer), <i>Scheier</i> (Scheune) <i>leien</i> (liegen), <i>weien</i> (wiegen)
<b>ai</b>	<i>Daimchen</i> (Däumchen), <i>Gebai</i> (Gebäude), <i>Mais</i> (Mäuse)

## D'KONSONANTEN

### ■ De **v** an den **f** stinn nom däitsche Schrëftbild.

<b>f</b>	<b>v</b>
<i>F</i> esch (Fisch)	<i>Nerv</i> (Nerv)
<i>f</i> ellen (füllen)	<i>vir</i> (vor)
<i>f</i> ir (für)	<i>voll</i> (voll)
<i>Gef</i> alen (Gefallen)	<i>Vull/Vugel</i> (Vogel)
<i>l</i> afen (laufen)	

### ■ D'Schlusskonsonante riichte sech am Prinzip nom däitsche Schrëftbild.

<b>ch</b>	<b>g</b>
<i>Da</i> ach (Dach)	<i>Bier</i> g (Berg)
<i>L</i> ach (Loch)	<i>D</i> ag (Tag)

<b>d</b>	<b>t</b>
<i>Dou</i> d (Tod)	<i>Blut</i> t (Blut)
<i>Lid</i> d (Lied)	<i>dou</i> t (tot)
<i>Ra</i> d (Rad)	<i>gut</i> t (gut)
	<i>Ra</i> t (Ratte)

<b>f</b>	<b>w</b>
<i>Bré</i> f (Brief)	<i>Léi</i> w (Löwe)
<i>déi</i> f (tief)	<i>Méi</i> w (Möwe)

<b>p</b>	<b>b</b>
<i>Rë</i> pp (Rippe)	<i>Krii</i> bs (Krebs)
<i>Zo</i> pp (Suppe)	<i>Stë</i> bs (Staub)



- Ass eng Ofleedung vum däitsche Schrëftbild net méiglech, da schreiw mer **f** an net w, **p** an net b, **t** an net d.

<b>f</b>	<b>p</b>	<b>t</b>
<i>Bouf</i> (Bube)	<i>Krop</i> (Haken)	<i>dat</i> (das)
<i>Buschtaf</i> (Buchstabe)	<i>op</i> (auf)	<i>et</i> (es)
<i>Déif</i> (Dieb)		<i>Muert</i> (Möhre)
<i>Kuerf</i> (Korb)		

- Ännert de Konsonant beim Schwätzen, da schreiw mer gemengerhand dat, wat mir schwätzen.

*e Bréif* - vill *Bréiwer*  
*hien ass da**f*** - en *Da**w**en*  
*eng Drau**f*** - e *Pond Drau**w**en*  
*du schrei**f**s* - ech schrei**w**en  
*et ass gut**t*** - e *gudde Kuch*  
*du réi**t**s* - ech ro**d**en

- Am Wuert schreiw mir **g**, wann am Däitschen och e **g** steet.

*Bier**g**er* (Bürger)  
*Flie**g**er* (Flieger)  
*Lie**g**en* (Lügen)  
*Se**g**en* (Segen)  
*Spie**g**el* (Spiegel)  
*Vie**g**el* (Vögel)  
  
*Du**g**end* (Tugend)  
*Ju**g**end* (Jugend)  
*Ku**g**el* (Kugel)  
*Vu**g**el* (Vogel)

■ Wann am Däitschen **-ig** steet, schreiw mir **-eg**.

*bëlleg* (billig)  
*heemeleg* (heimelig)  
*hongereg* (hungrig)  
*wëlleg* (willig)

■ Wann am Däitsche **-lich** steet, schreiw mir **-lech**.

*endlech* (endlich)  
*frëndlech* (freundlich)  
*heemlech* (heimlich)

■ Um Enn vum Wuert schreiw mir **ch** amplaz vum däitsche **g**, wann d'Silb kuerz a betount ass.

*ewech* (weg)  
*genuch* (genug)  
*Krich* (Krieg)  
*Luch a Bedruch* (Lug und Trug)  
*Zuch* (Zug)

■ Den **n** gëtt um Enn vum Wuert nëmmen da geschriwwen, wann en och ausgeschwat gëtt, haaptsächlech viru Wieder, déi mat engem Vokal oder **d, h, n, t, z** ufänken.

<i>Dammentour</i>	<i>Dammeschong</i>
<i>Frittenδέppen</i>	<i>Frittefett</i>
<i>den 3. Juli</i>	<i>de 4. Juli</i>
<i>keen Aarbechter</i>	<i>kee Ball</i>
<i>en Af</i>	<i>e Bréif</i>
<i>den Daum</i>	<i>de Fësch</i>
<i>en Eemer</i>	<i>de Gaascht</i>
<i>en Hues</i>	<i>kee Kinnek</i>
<i>den Iglu</i>	<i>de Laascht</i>
<i>en Nol</i>	<i>e Mënsch</i>
<i>en Tuerm</i>	<i>de Suedel</i>
<i>den Uhu</i>	<i>de Pättchen</i>
<i>en Zuch</i>	<i>e Won</i>

- Den **h** gött nëmme geschriwwen, wann en och ausgeschwat gött.

mat <b>h</b>	ouni <b>h</b>
<i>Haus</i>	<i>Ausnam</i>
<i>hatt</i>	<i>Drot</i>
<i>hat</i>	<i>Erfahrung</i>
<i>héieren</i>	<i>Feeler</i>
<i>houschten</i>	<i>Walbüro</i>
<i>verhalen</i>	<i>Weier</i>

- An eiser Schreifweis gött et keen **ß** an och kee **jh**.

<b>ss</b>	<b>j</b>
<i>béissen</i>	<i>Jang</i>
<i>Faass</i>	<i>Jemp</i>
<i>muss</i>	<i>Jicken</i>
<i>naass</i>	<i>just</i>
<i>Noss</i>	<i>vijenzeg</i>

## D'VERBEN

- Mir gi beim Konjugéiere vun de Verbe vum lëtzebuergeschen Infinitiv aus.

<i>falen</i>	<i>behalen</i>	<i>gëllen</i>	<i>wëllen</i>	<i>fannen</i>	<i>bezuelen</i>
<i>du fäls</i>	<i>du behäls</i>	<i>du gëlls</i>	<i>du wëlls</i>	<i>du fënn</i> s	<i>du bezils</i>
<i>hatt fält</i>	<i>hie behält</i>	<i>et gëllt</i>	<i>hatt wëllt</i>	<i>dir fannt</i>	<i>hie bezilt</i>

■ Friem Wierder behalen am Prinzip hir Schreifweis.

*Camion*

*Club*

*Dossier*

*Fan*

*Ficelle*

*Jeep*

*Madame*

*Pâtisserie*

*Theater*

*Thermometer*

■ Eng Partie Wierder sinn esou staark agebiert, datt se eng lëtzebuer-  
gesch Schreifweis kréien.

*Combel*

*Diwwi*

*Jelli*

*Minister*

*Schantjen*

*Téik*

*Timber*

■ Am Pluriel ginn déi franséisch Endungen (-s, -x) am Prinzip duerch déi  
lëtzebuergesch Endungen **-en** an **-n** ersat.

*zwou Avenuen* (deux avenues)

*dräi Bijouen* (trois bijoux)

*véier Camionen* (quatre camions)

*fënnef Corbeillen* (cinq corbeilles)

*sechs Trottoiren* (six trottoirs)

De Londoner Vertrag vun 1839 ass d'Gebuerststonn vum moderne Lëtzebuenger Stat. 1989 hunn d'Awunner mat vill Begeescherung den 150. Joresdag vun eiser Onofhängegkeet gefeiert.

Iwwer 160 Joer hunn d'Lëtzebuenger, mä och vill Ausländer, déi bei eis wunnen, um Opbau vun hirem Stat geschafft. Si hunn aus dem Stat eng national Communautéit geschaf. E Stat an eng Natioun brauche Symboler: e Fändel, dee bei eis rout-wäiss-blo ass; en Zeechen, de roude Léiw, eng Devise: Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn; en nationale Feierdag: den 23. Juni an, net ze vergiessen, eng Nationalhymn.

Schonns 1859 hunn d'Lëtzebuenger en éischt Nationalidd gesongen: de Feierwon. Säi Refrain huet hinnen aus dem Häerz geschwat an ass hir Devise ginn. Den Text an d'Musek vum Feierwon si vum Michel Lentz (1810 - 1893). Et war e Geleeënheetsgedicht, opgeféiert, wéi d'Gare zu Lëtzebuerg ageweit gouf.

Wéi eist Nationalgefill sech progressiv entwéckelt huet, dunn hunn d'Lëtzebuenger op en anert Gedicht vum Michel Lentz zréckgegraff: Ons Heemecht. Dëst Gedicht war ëm 1850 geschriwwe ginn, ass awer eréischt am Joer 1864 fir d'éischt zu Ettelbréck no enger Musek vum Jean Antoine Zinnen (1827 - 1898) gesonge ginn.

Eng Zäit laang hunn de Feierwon an d'Heemecht an der Gonscht vum Lëtzebuenger sech Konkurrenz gemaach. Am Ufank vum 20. Joerhonnert awer huet d'Heemecht sech duerchgesat. Déi éischt Strof ass eng Beschreiwung vun eise Landschaften, woubäi allerdéngs de Süde vum Land net genannt gëtt, well de Wäert vun der Minett deemools nach net erkannt war. Déi véiert a lescht Strof ass an den Ae vum Michel Lentz eng Aart Gebiet, dat den Herrgott uriff, fir datt hien eist Land behitt, an dat och de Fräiheitswëlle vun de Lëtzebuenger ervirhieft.

An der Evolutioun vun de Mentalitéite kommen d'Gesetzestexter ëmmer no der Realitéit. Eréischt am Joer 1993 sinn d'éischt an d'véiert Strof duerch Gesetz eis Nationalhymn ginn.

*Gilbert TRAUSCH*

Wou d'Uelzecht durech d'Wisem zéit,  
duerch d'Fielsen d'Sauer brécht.  
Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit,  
den Himmel Wäin ons mécht -  
dat ass onst Land, fir dat mir géif  
hei nidden alles won.  
Onst Heemechtsland, dat mir sou déif  
an onsen Hierzer dron.

\* \* \*

O Du do uewen, deem seng Hand  
duerch d'Welt d'Natioune leet,  
behitt Du d'Lëtzebuenger Land  
vru friemem Joch a Leed!  
Du hues ons all als Kanner schonn  
de fräie Geesch jo ginn.  
Looss virublénken d'Fräiheetssonn,  
déi mir sou laang gesinn!

*Michel LENTZ*

## DOKUMENTER ZU DER NEIER LËTZEBUERGER SCHREIFWEIS

1. Règlement grand-ducal du 30 juillet 1999 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeois.  
Mémorial A N° 112 du 11 août 1999  
Imprimerie Buck, 6, rue Hogenberg, Luxembourg-Gasperich  
[www.etat.lu/memorial](http://www.etat.lu/memorial)  
publié aussi dans: Les Extraits du Mémorial  
Réforme de l'orthographe luxembourgeois  
Service Central de Législation - 1999  
43, bd. Roosevelt, L-1352 Luxembourg
2. Paraîtra au 1<sup>er</sup> trimestre 2001  
Texte coordonné du système officiel de l'orthographe luxembourgeois tel qu'exposé en annexe de l'arrêté ministériel du 10 octobre 1975 et modifié par les révisions du CPLL proposées en annexe du règlement grand-ducal du 30 juillet 1999.  
Imprimerie Buck, 6, rue Hogenberg, Luxembourg-Gasperich  
[www.etat.lu/memorial](http://www.etat.lu/memorial)

## MATERIAL VUM EDUKATIOUNSMINISTÈRE FIR D'LËTZEBUERGER SPROOCH ZE LÉIEREN

1. Lëtzebuergesch fir all Dag  
Lektiounen 1-8  
Ministère de l'Éducation Nationale, de la Formation Professionnelle et des Sports  
Prais: 750.- LUF
2. Lëtzebuergesch fir all Dag  
Lektiounen 1-8, Exercicen  
Ministère de l'Éducation Nationale, de la Formation Professionnelle et des Sports  
Prais: 250.- LUF
3. Da lass  
Band 1  
Band 2  
Videokassett  
Ministère de l'Éducation Nationale, de la Formation Professionnelle et des Sports  
Prais: 2000.- LUF

Des Bicher sinn am Verkaf an de Librairien.

## ADRESS FIR D'LËTZEBURGER SPROOCH ZE LÉIEREN

Eng Lëscht vu Coursen, déi vum Ministère, dem Centre de Langues, de Gemengen oder Associatiounen op verschiddene Plazen am Land organiséiert ginn, steet zur Verfügung am Service des Adultes vum Ministère de l'Éducation Nationale, de la Formation Professionnelle et des Sports, 29 rue Aldringen, L-2926 Lëtzebuerg, Tél.: 478-5154, Fax: 478-5155. Dir kënn déi Lëscht och um Internet konsultéieren ënnert der Adress: [www.men.lu](http://www.men.lu)

